N°2443
Entrée le 02.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2443 vum 12. Juni 2025 vum honorabelen Députéierten Sven Clement zum Sujet "Protection temporaire et séjour familial".**

**1. Firwat muss een d'temporär Protektioun opginn, fir eng Openthaltsgeneemegung als Familljemember ze kréien, obwuel béid Regimmer legal gëlteg sinn a komplementar Ziler verfollegen?**

D'temporär Protektioun gëtt op Basis vum Asylgesetz vum 18. Dezember 2015 accordéiert. D'Beneficiaire vun der temporärer Protektioun si vum Immigratiounsgesetz vum 29. August 2008 ausgeschloss (Art. 2). Fir kënnen eng Openthaltsgeneemegung op Basis vum Immigratiounsgesetz ze kréien, muss een deemno de Statut de Beneficiaire vun der temporärer Protektioun opginn. D'Applikatioun vu béid Gesetzer an d'Vermëschung vu Statuten innerhalb vun de Familljen, an deenen d'Familljemembere matenee wunnen a vuneneen ofhänken, ass net méiglech.

**2. Kéint d'Prozedur vereinfacht ginn, sou dass Leit ënner temporärer Protektioun ouni Ënnerbriechung vun hirem legale Status en "titre de séjour pour raisons familiales" kréien, fir hir Rechtssécherheet ze garantéieren?**

D'Prozedur brauch net an deem Sënn vereinfacht ze ginn, wëll d'Leit schonn haut ouni Ënnerbriechung vun engem Status an deen aneren iwwerginn. Sie renoncéieren op hier temporär Protektioun ënnert der Condition suspensive datt hier Openthaltsgeneemegung op Basis vum Immigratiounsgesetz accordéiert gëtt. Am Fall vun engem Refus vun enger Openthaltsgeneemegung, verfält d'Renonciatioun an d'Persoun behält hier temporär Protektioun.

**3. Wéi plangt d'Regierung déi zwee Regimmer méi kompatibel ze maachen, sou dass d'betraffe Persounen net tëschent Rechtsonsécherheet a Famill mussen entscheeden?**

Et geet aus der 2. Äntwert erfier, datt keng Rechtsonsécherheet besteet.

Wichteg ass och z'erwänen, datt d'Leit hier temporär Protektioun zréck kënne kréien, esou laang dee Statut op EU-Niveau verlängert gëtt, falls si d'Konditioune vun hirer Openthaltsgeneemegung net méi géifen erfëllen.

**4. Gi Mesuren a Betruecht gezunn, fir d'administrativ Prozeduren ze vereinfachen a méi Flexibilitéit z'erlaben, besonnesch fir déi Persounen, déi hir Integratioun a Lëtzebuerg demonstréiert hunn?**

Direkt nom Ufank vum Konflikt tëscht Russland an der Ukrain hunn déi zoustänneg Verwaltunge séier reagéiert a Moossname geholl, fir einfach Demarchen fir d'temporär Protektioun en place ze sëtzen. All néideg Moossname goufe getraff, fir d'Integratioun vu Leit zu Lëtzebuerg esou séier a wéineg kompliźéiert wéi méiglech ze maachen, ënner anerem duerch den direkten Zougang zum Aarbechtsmarché an zum Schoulsystem, d'Recht op eng Wunnplaz an engem Foyer a medezinesch Versuergung.

Wat d'Integratioun vu Leit ënner temporärer Protektioun ubelaangt, déi sech dauerhaft zu Lëtzebuerg wëllen néierloossen, huet d'Regierung schonn zanter Abrëll 2023 eng vereinfacht Prozedur agefouert, fir et dëse Persounen ze erméiglechen, eng Openthaltsgeneemegung op Basis vum Immigratiounsgesetz ze froen.

**5. Wéi vill Leit ënner temporärer Protektioun hunn zënter 2022 eng Openthaltsgeneemegung als Familljemember ugefrot, a wéi vill vun dëse Demandë goufen approuvéiert?**

Säit dem Ufank vum Konflikt tëscht Russland an der Ukrain hunn am ganzen 858 Leit ënner temporärer Protektioun eng Openthaltsgeneemegung als Travailleur salarié, Familljemember, Vie privée oder eng Carte bleue européenne ugefrot. Vun deenen 858 Demandë sinn der 833 accordéiert a 25 refuséiert ginn.

**6. Kéint eng Iwwergangsléisung agefouert ginn, déi et erlaabt béid Statute parallel ze hu bis eng definitiv Entscheedung geholl gëtt?**

Et geet aus den Äntwerten ervir, datt eng Iwwergangsléisung net néideg ass, well et keng Ënnerbriechung vum legale Status um Territoire vun de Leit gëtt. Eng Persoun kann net gläichzäiteg béid Statuten hunn, mee wiesselt vun engem Statut direkt an en aneren.

Wichteg ass och ervirzehiewen dass Lëtzebuerg, wéi och déi aner EU-Memberstaaten, sech op eng Exit-Strategie vun der Protection temporaire virbereede muss, déi am Kader vum Ukrain-Krich aktivéiert gouf. An dem Kader sinn notamment follgend Punkte virgesinn:

- D’Europäesch Kommissioun huet den 4. Juni 2025 virgeschloen, d’Protection temporaire bis den 4. Mäerz 2027 ze verlängeren. Dat soll ënnert anerem eng juristesch Sécherheet fir Beneficiairen vun der Protection temporaire a de jeeweilegen Memberstaate garantéieren.
- Parallel zur Verlängerung soll eng EU-weit Strategie ausgeschafft ginn, fir e progressiven Iwwergang aus der temporärer Protektioun z‘initiéieren. Dës gesäit vir:
    - Integratiounsmesuren am Gaaschtland;
    - fräiwëlleg Retourprogrammer a Kooperatioun mat der Ukrain;
    - Informatiounszentere fir d’Beneficiairen.

**7. Wéi evaluéiert d'Regierung d'Auswierkunge vun dëser aktueller Praxis op d'Integratioun an d'Wuelbefanne vun de betraffe Familljen?**

Et geet aus den Äntwerten ervir, datt d’Praxis eng aner ass, wéi vum Auteur vun de Froen ugeholl an deemno och keen negativen Impakt op d’Wuelbefanne vun de betraffe Familljen huet.

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN